n° 3498

CSV FRAKTIOUN

Fernand Etgen
Président de la chambre des députés
Luxembourg
22.01.2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Edukatiounsminister weider ze leeden.

Laut eisen Informatiounen huet de Educatiounsministère eng héich Unzuel vu FFP2 Maske bestallt an och d' Lycée' en sinn am gaangen esou Masken ze bestellen.

Op Grond vun dësen Informatioune stelle mir folgend Froen un den Här Minister:

- Kann den Här Minister eis des Informatioune bestätegen?
- Wéi vill Maske si säitens vum Ministère bestallt?
- Gëtt de Ministère eng allgemeng Recommandatioun un d`Schoulen eraus fir datt d´Léierpersonal FFP2 Maske soll undoen?
- Stellt de Ministère dem gesamte Léierpersonal Masken zur Verfügung?
- Wéi gesäit allgemeng d' Maskenstratégie vum Educatiounsministère aus?
- Wat sinn dem Ministère seng Recommandatiounen zu deene vum Ministère ausgedeelte Buff'en?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Marc Spautz

Deputeierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3498 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Marc Spautz**

Den Educatiounsministère huet via de Collège des Directeurs vum Enseignement fondamental FFP2-Maske fir d'Schoule bestallt; d'Lycéeën, déi iwwert d'Gestion séparée verfügen, bestellen dës Masken iwwert hir eegen Dotatioun. Fir den Enseignement fondamental goufen insgesamt 60.000 Maske bestallt.

Et ass de Wëlle vum Educatiounsministère, deenen Enseignanten FFP2-Masken zur Verfügung ze stellen, déi eng Demande an deem Sënn maachen, dëst fir de Fall, wou si sech domat méi sécher spieren.

Wat déi sanitär Recommandatioune betrëfft, sou schafft den Educatiounsministère enk mam Gesondheetsministère zesummen; an deem Kader ass decidéiert ginn, keng Recommandatioun erauszeginn, datt d'Léierpersonal FFP2-Maske soll undoen. Et gëtt dofir och keng Recommandatioun zu de sougenannte Buffen.